

Pressecommuniqué



# *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-Stauden

### Produktioun vu Wëllstaude mat Qualitéitssigel

Wëllplanzesom Lëtzebuerg Stauden

D'Nofro no heemesche Wëllstaude klëmmt, an dat zu Recht: Si gesinn net nëmme schéin aus, mee bidde ville Bestëbser Fudder a Liewensraum, a fërderen d'Aartevillfalt. Ënnert dem neien Zertifikat ***Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-Stauden** ginn ab dësem Joer Wëllstauden mat gebittseegener Hierkonftsqualitéit no ekologesche Krittäre produzéiert a verkaf.

Zanter 2018 gëtt zu Lëtzebuerg mat der Finanzéierung vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit Geseems vun heemesche Wëllplanzen aus zertifizéiertem regionalem Ubau produzéiert an als LUX-Mëschunge vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* verkaf. Ab dësem Joer ginn elo och **Wëllstauden** opgezunn. Dofir gouf d'lescht Joer e Reegelwierk fir d'Zertifizéierung vun der Wëllstaudeproduktioun erstallt. Doranner si Qualitéits- an Nohaltegkeetskrittäre festgeluecht. De Qualitéitssigel zu däser Zertifizéierung gëtt dem Keefer d'Sécherheet, dass d'Krittären agehale ginn an et sech ëm Stauden mat regionaler Hierkonftsqualitéit vu Lëtzebuerg handelt.

Véier Lëtzebuerger Gäertnereien zillen de Moment fläisseg faarweg bléiend a bestëbserfrëndlech Wëllstauden op, fir se ab dem Fréijoer unzebidden. Dës Staude fannen an der Gestaltung vu Staudebeeter a Privatgäert, an op ëffentleche Flächen an de Gemengen hier Verwendung.

**Méi Informatiounen op**

**➔ wellplanzen.lu**


**Kontakt SICONA**

Nora Weis
Chargée de communication
T 26 30 36 69
E communication@sicona.lu

**Kontakt Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit**

Service relations publiques
T (+352) 247 86843, -86890, -86849
E communication@mev.etat.lu


SICONA Naturschutzsyndikat

Op der Schock

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité